Zu Gast

# „Gilets jaunes" zu Lëtzebuerg?

Jean Schoos

Bei eisen Noperen, a Frankräich an an der Belsch, ass eng nei Beweegung entstanen: déi vun de „Gilets jaunes". Dat wat mir zu Lëtzebuerg géifen als „kleng Leit" bezeechnen, hunn es, entschëllegt d'Expressioun, „déck sat". Eng Drëps Diesel huet d'Faass iwwerlafe gelooss, méi genee „ekologesch Taxen", déi ënner anerem duerzou sollen déngen, de Präis vum Diesel deem vum Bensin unzepassen. D'Blokade vun de Manifestanten a Giel hunn bis op Lëtzebuerg Repercussiounen: op e puer Tankstelle ware Pompelen eidel (wat beweist, datt d'Land och do méi selbstänneg muss ginn).

Emmanuel Macron a Charles Michel schéngen am Ament d'Protestbeweegung net an de Griff ze kréien. Zum Zäitpunkt, wou dës Rubrik geschriwwe gëtt, sinn d'Pläng vu Gambia-*bis* nach net bekannt. Eent schéngt awer sécher: d'Lektioun vun de „Gilets jaunes" muss och hei am Land eescht geholl ginn!

D'Land zielt, offiziell laut Statec (deen d'Zuelen no de Wale bekannt ginn huet), 29 Prozent Leit am Aarmutsrisiko, dëst esouguer no de Sozialtransferten. Et geet net duer, datt „mir" eis dofir schummen, d'Land brauch e kollektiven Effort fir d'Schéier tëschent Räichen an Aarmen nees méi kleng ze maachen.

Dat geet net wéi mat der leschter, „sozialgerechter" Steierreform, wou déi mat héije Revenuë grouss reell Avantage haten, awer fir d'Salariéë mat klenge Paien Afennëss iwwreg bliwwe sinn. Och fir sougenannt ekologesch Gefierer, op Auto oder Vëlo, ass de Subsid méi grouss fir déck Steierzueler, awer kann op Null erofgoe fir déi wou keng Lounsteier bezuelen. Frankräich an d'Belsch hu bewisen, datt de Bierger kee Versteesdemech méi huet, wann d'Steiere fir Betriber erof ginn, de „klénge Mann" awer op d'mannst den Androck huet, ëmmer méi Taxen, Akzisen a Steieren ze bezuelen, a sief et ënner dem Pretext fir d'Welt ze retten. Wéi soe se déisäit: „Macron veut résoudre le problème de la fin du monde, nous avons le problème de boucler nos fins de mois."

Et ass genau dës Astellung, déi d'Leit mat Sécherheetskleedung op d'Strooss bruecht huet. Och zu Lëtzebuerg gëtt et, vläicht a vill méi enger grousser Zuel wéi mir mengen, Leit a Stéit, déi mat enger oder zwou Paien d'Enner um Enn vum Mount net zesumme kréien. Dobäi, och dëst huet de Statec a senger Etüd iwwert d'Aarmut bestätegt, si besonnesch déi héich Wunnengspräisser d'Ursaach, datt vill Leit, déi am Land fir hiert Brout schaffe ginn, nëmmen dank der Kreditter esou just iwwert d'Ronne kommen.

D'Beweegung vun de „Gilets jaunes" muss fir déi nei Regierung an d'Parlament als Warnung gesi ginn. Och de Lëtzebuerger an déi auslännesch Salariéen, déi fir lëtzebuerger Entreprise schaffen a probéieren, hei ze wunnen, hunn d'Recht, anstänneg vun hire Paie kënnen ze liewen. An dëst ouni mussen an d'Ausland ze plënneren, op en Zousaz vum Revis oder e Subsid fir de Loyer ugewise ze sinn.

Tëschent hire Verhandlungen haten DP, LSAP a Gréng sécher Zäit, sech d'Biller aus Frankräich an der Belsch unzekucken. Et dierf ee gespaant sinn, op Gambia-*bis* d'Lektioun eescht hélt. Och zu Lëtzebuerg läit an all Auto eng oder méi där gieler Gileten …

**De Jean Schoos ass President vun der Alternativ-demokratescher Reformpartei**